# Gemengerotssëtzung vum 21. Dezember 2023

| | |
|---|---|
| Present : | Isabelle BÂLON, Myriam BINCK, Mike BOLMER, Danielle FILBIG, Christophe HEYMES, Jacques HUBERTY, Sonja KETTMANN, Myriam PICARD, Romain RAUSCH, Pol THILL, Tom WANDERSCHEID. |
| Gemengesekretär : | Marc PLETGEN |
| Redakter : | Chantal RASQUE a Sam MORES |
| Entschëllegt : | / |

**0. Bäisetze vun 1 Punkt op d'Dagesuerdnung (Art.13.3., Initiativrecht vum Gemengeconseiller).**

De Gemengerot huet Kenntnis geholl vun der Ufro vun de Conseillere vun de Fraktioune vun der demokratescher Partei (DP) an der sozialistescher Partei (LSAP), fir follgende Virschlag op d'Dagesuerdnung derbäizesetzen :
*« Motion fir alternativ Plazen zum Gemengenhaus virzeschloe fir zivil Hochzäiten ze zelebréieren oder Partnerschaften ze deklaréieren, esou wéi dat am Gesetz vum 8. Juni 2022 fir d'Ëmännerung vum Code civil an dem Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 virgesinn ass. »*

**1. Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibléck op eng Bebauung.**

Zu dësem Punkt si keng Ufroen eragereecht ginn.

**2. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vum Devis fir de gewéinlechen Ënnerhalt vun de Feldweeër fir den Exercice 2024 ze realiséieren.**

De Gemengerot huet dee, vun den technesche Servicer vun der Ackerbauverwaltung opgestallten, Devis ugeholl fir de gewéinlechen Ënnerhalt vun de Feldweeër am Joer 2024, deen Aarbechten um Feldwee « bei der Feldkirch » zu PÄREL fir de Präis vun 77.500,00€ mat TVA virgesäit.

VOTT : 11x jo

**3. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vum Devis fir den aussergewéinlechen Ënnerhalt vun de Feldweeër fir den Exercice 2024 ze realiséieren.**

De Gemengerot huet dee, vun den technesche Servicer vun der Ackerbauverwaltung opgestallten, Devis ugeholl fir den aussergewéinlechen Ënnerhalt vun de Feldweeër am Joer 2024, deen Aarbechten un de Feldweeër « auf Lohr » zu UESCHDREF, « om Ewigt » zu HOULTZ an « op Fooscht » zu PÄREL fir de Präis vun 130.000,00€ mat TVA virgesäit.

VOTT : 11x jo

**4. Deliberatioun fir d'Revisioun vun de Presenzgelder fir d'Membere vun de berodende Kommissiounen an de Presenzgelder an Entschiedegunge fir d'Memberen an d'Sekretäre vun den obligatoresche Kommissiounen, beroden oder nitt berodend.**

De Gemengerot huet decidéiert fir d'Entschiedegungen a Presenzgelder fir d'Membere vun de berodende Kommissiounen op 40,00€ pro Sëtzung festzeleeën.

VOTT : 11x jo

**5. Deliberatioun fir d'Schafe vun enger Kommissioun, déi dat interkulturellt Zesummeliewen an hiren Zoustännegkeeten huet esou wéi d'Zesummesetzung vun dëser Kommissioun.**

De Gemengerot huet d'Schafe vun enger Kommissioun, déi dat interkulturellt Zesummeliewen an hiren

Zoustännegkeeten huet, decidéiert an huet gläichzäiteg e Fonctionnementsreglement ugeholl wat d'Zesummesetzung an de Fonctionnement vun dëser Kommissioun reegelt.

VOTT : 11x jo

**6. Deliberatioun fir d'Ëmännerung vun der Hausuerdnung vum Gemengerot.**

De Gemengerot huet d'Ëmännerung vu senger Hausuerdnung ugeholl, méi genee d'Ëmännerung vun der Zesummesetzung vun de berodende Kommissiounen.

VOTT : 11x jo

**7. Deliberatioun iwwer d'Bestëmme vun de Memberen an der berodender « Biergerkommissioun ».**

De Gemengerot huet d'Membere vun der « Biergerkommissioun » genannt a festgestallt dass jidderee vun de Kandidaten 11 Stëmme kritt huet.

**8. Deliberatioun iwwer d'Bestëmme vun de Memberen an der berodender Kommissioun déi dat interkulturellt Zesummeliewen an hiren Zoustännegkeeten huet.**

De Gemengerot huet d'Membere vun der berodender Kommissioun, déi dat interkulturellt Zesummeliewen an hiren Zoustännegkeeten huet, genannt a festgestallt dass jidderee vun de Kandidaten 11 Stëmme kritt huet.

**9. Deliberatioun fir d'Revisioun vun der Decisioun fir d'Festleeë vun den Aschreiwungsbeträg a verschidden Owescoursen.**

De Gemengerot huet follgend Aschreiwungsbeträg fir déi verschidden Owescoursen decidéiert :

- Babysittingcours : 10,00€
- Selbstverdeedegungscours:
  - Erwuesse (vun 12 Joer un) : 120,00€
  - Kanner (tëschent 6 Joer an 12 Joer) : 60,00€
- Joggingcours : 50,00€.

VOTT : 11x jo

**10. Deliberatioun an Zesummenhang mam Festhale vun de Modalitéite fir d'Transportonkäschte vu gemeinsamen Aktioune vun den aktive Jugendclibb ze iwwerhuelen.**

De Gemengerot huet decidéiert fir pro Joer d'Onkäschte vun 2 Trajeten hei am Land ze iwwerhuelen, déi an Zesummenhang sti mat gemeinsamen Aktioune vun den aktive Jugendclibb aus der Gemeng.

VOTT : 11x jo

**11. Deliberatioun iwwer d'Festleeë vun de Modalitéite fir de Leit eng Belounung ze gi fir d'Besiche vun engem Éischt-Hëllefs-Cours.**

De Gemengerot huet decidéiert fir jidderengem, deen un engem Éischt-Hëllefs-Cours deelgeholl huet, eng Unerkennung a Form vun enger symbolescher Sécherheetscorbeille ze iwwerreechen, wou e Feierläscher, eng Läschdecken, e Rauchmelder an eng Éischt-Hëllefs-Schachtel dra sinn.

VOTT : 11x jo

**12. Deliberatioun betreffend d'Zurverfügungstelle vu Raimlechkeeten an der Zentralschoul zu Kietscht.**

De Gemengerot huet seng Zoustëmmung ginn zum Kontrakt, deen tëschent der Gemeng an der Gesellschaft Danzschoul Kamille M ënnerschriwwe ginn ass a mat deem d'Gemeng der Danzschoul de Gymnastiksall am Keller vun der Schwämm an de klenge Gymnastiksall um 1te Stack zur Verfügung stellt, dat vum 15. Dezember 2023 bis de 14. September 2024 mat automatescher Verlängerung vu Joer zu Joer wann de Kontrakt net am Delai gekënnegt gëtt.

VOTT : 11x jo

**13. Deliberatioun iwwer d'Zoustëmmung zu engem Bail an Zesummenhang mam Loune vu Gebaier zu KIETSCHT.**

De Gemengerot huet de Bail guttgeheescht, deen tëschent der Gemeng an der Fondatioun François d'Assise ënnerschriwwe ginn ass mat deem d'Gemeng eng Scheier lount, déi zu KIETSCHT, 2, rue des Alliés, läit. De Bail leeft vum 1. November 2023 bis den 31. Oktober 2024 mat automatescher Verlängerung vu Joer zu Joer wann

en net vun enger vun de Parteie fristgerecht opgeléist gëtt.

VOTT : 11x jo

**14. Ofschlossrechnung : aussergewéinlech Ënnerhaltsaarbechten un de Feldweeër am Joer 2021, ASTA 102 042.**

De Gemengerot huet d'Ofschlossrechnung vun den aussergewéinlechen Aarbechten un de Feldweeër fir d'Joer 2021, ASTA 102 042, approuvéiert. Am Kader vun dësem Programm sinn d'Weeër op follgende Plazen « auf Behrel » an « auf Donneschleidchen » zu UESCHDREF, « um Pull » zu FOULSCHT a « Glochefelder » zu WOLWEN fir 330.381,16 € TTC mat enger neier Rullschicht iwwerzu ginn.

VOTT : 11x jo

**15. Deliberatioun fir dem Här Antoine RODESCH den Titel vum Éierebuergermeeschter zouzeerkennen.**

De Gemengerot huet dem Här Antoine RODESCH vun Ueschdref den Titel vum Éierebuergermeeschter vun der Rammericher Gemeng attribuéiert.

*d'Madame Danielle FILBIG an den Här Tom WANDERSCHEID hu weder un der Diskussioun nach un der Ofstëmmung deelgeholl*

VOTT : 8x jo an 1x nee

**16. Rektifizéierte Budget vun der Gemeng Rammerich fir den Exercice 2023.**

De Gemengerot huet de rektifizéierte Budget fir den Exercice 2023, dee mat engem presuméierte Mali vu 576.619,18€ am aussergewéinleche Service ofschléisst, festgehal, esou wéi e vum Schäfferot proposéiert ginn ass.

| | Ordinären Service | Extraordinären Service |
|---|---|---|
| Total vun de Recetten | 26.550.239,04 | 2.591.118,72 |
| Total vun den Depensen | 20.980.184,37 | 10.569.890,75 |
| Boni vum Exercice | 5.570.054,67 | |
| Mali vum Exercice | | 7.978.772,03 |
| Boni vum Kont 2022 | 1.832.098,18 | |
| Gesamtboni | 7.402.152,85 | |
| Gesamtmali | | 7.978.772,03 |
| *Transfert vum Ordinären an den Extraordinären* | -7.402.152,85 | +7.402.152,85 |
| **Presuméierte Mali Enn 2023** | | **576.619,18** |

VOTT : 10x jo an 1x nee

**17. Projet vum Budget vun der Gemeng Rammerich fir den Exercice 2024.**

De Gemengerot huet de Budget fir den Exercice 2024, dee mat engem definitive Boni vu 505.601,08€ am gewéinleche Service ofschléisst, festgehal, esou wéi e vum Schäfferot proposéiert ginn ass.

| | Ordinären Service | Extraordinären Service |
|---|---|---|
| Total vun de Recetten | 27.426.079,20 | 9.969.360,70 |
| Total vun den Depensen | 24.280.386,21 | 12.032.833,43 |
| Boni vum Exercice | 3.145.692,99 | |
| Mali vum Exercice | | 2.063.472,73 |
| Presuméierte Mali Enn 2024 | | 576.619,18 |
| Gesamtboni | 3.145.692,99 | |
| Gesamtmali | | 2.640.091,91 |
| *Transfert vum Ordinären an den Extraordinären* | *-2.640.091,91* | *+2.640.091,91* |
| **Definitive Boni** | **505.601,08** | |

VOTT : 10x jo an 1x nee

**18. Deliberatioun iwwer d'Confirmatioun vun engem dringenden an zäitlech begrenzte Verkéiersreglement.**

De Gemengerot huet een, vum Schäfferot decidéiert, dringend an zäitlech begrenzt Verkéiersreglement confirméiert fir de Verkéier an der « Rue du Nord » zu Rammerich am Kader vun Aarbechten un der Waasserleitung ze reegelen.

VOTT : 11x jo

**19. Froen un de Schäfferot.**

De Gemengerot huet d'Äntwerte vum Schäfferot zur Kenntnis geholl an Zesummenhang mat de Froen, déi vun de Conseillere vun der LSAP-Fraktioun gestallt gi sinn.

**20. Motion fir alternativ Plazen zum Gemengenhaus virzeschloe fir zivil Hochzäiten ze zelebréieren oder Partnerschaften ze deklaréieren, esou wéi dat am Gesetz vum 8. Juni 2022 fir d'Ëmännerung vum Code civil an dem Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 virgesinn ass..**

De Gemengerot huet déi, vun de Fraktioune vun der demokratescher Partei (DP) an der sozialistescher Partei (LSAP) proposéiert, Motioun ugeholl fir alternativ Plaze zum Gemengenhaus festzehale fir zivil Hochzäiten ze zelebréieren an Partnerschaften ze deklaréieren.

VOTT : 11x jo